N°4001
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet, Sport & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Ëffentlech Sportinfrastrukture spillen eng wichteg Roll, net nëmmen am sportleche Beräich, mee och als Virbild fir gesond Ernierung an nohaltege Konsum.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt aktuell de Lien tëscht Sport, gesonder Ernierung an ëffentleche Sportinfrastrukture gefërdert?
2. A wéi wäit ginn am nationale Futtballstadion Produiten aus der lëtzebuergescher Landwirtschaft ugebueden?
3. Et gouf mir erugedroen, dass am nationale Stadion keen alkoholfräie Béier ugebuede gëtt. Ass d'Regierung der Meenung, datt an ëffentleche Stadien eng Offer u alkoholfräie Gedrénks, dorënner och alkoholfräie Béier, soll garantéiert ginn? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vun der Sportministesch a vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4001 vum 29. Abrëll 2026 vum éierewäerten Deputéierten Marc Georgen**

**1. Wéi gëtt aktuell de Lien tëscht Sport, gesonder Ernierung an ëffentleche Sportinfrastrukture gefërdert?**

De Lien tëscht Sport, gesonder Ernierung an ëffentleche Sportinfrastrukture gëtt aktuell net aktiv gefërdert.

**2. A wéi wäit ginn am nationale Futtballstadion Produiten aus der lëtzebuergescher Landwirtschaft ugebueden?**

Als Proprietaire vum Stade de Luxembourg schléisst d'Stad Lëtzebuerg Verträg mat den Organisateure vun engem Event of. Dës si responsabel fir de Catering vun deenen Eventer.

**3. Et gouf mir erugedroen, dass am nationale Stadion keen alkoholfräie Béier ugebuede gëtt. Ass d'Regierung der Meenung, datt an ëffentleche Stadien eng Offer u alkoholfräie Gedrénks, dorënner och alkoholfräie Béier, soll garantéiert ginn? Falls nee, firwat net?**

Den Organisateur vun engem Event am nationale Stadion an den zréckbehalene Sous-traitant definéiere wéi eng Zorte Gedrénks offréiert ginn. D'Regierung huet keen Afloss op de Choix vum Sous-traitant.

**Lëtzebuerg, den 22. Mee 2026**
D'Sportsministesch
(s.) Martine Hansen